## 24.04.1985 Botzaktioun bei der Kierch

D'Wantergréng bei der Kierch hat staark gelidde vum schroe Wanter a vun den Aarbechte ronderëm d'Kierch. Op Nofro vum Paschtouer hinn hate sech 4 Mann afond fir ze botzen (Beckius Marco, Putz Marco, Schmit Jeff, Tremuth Fernand).

Vu 6.00 hh bis 8.30 h hu se gewuddert. D'Wantergréng gouf mam Gemengecamion op den Tipp gefouert. Maedesch Misch huet och e Schlag gefouert an en Hielänner ëmgeha. Berscheids Jang huet vun Zäit zu Zäit kontrolléiert. De Reutesch Pol huet en Humpe gestëfft.

---

## 11.05.1985 Blummenaktioun

Haut geet eis Blummenaktioun iwwert d'Bühn. 3542 Blumme ware bestallt ginn, zum Deel bei der Maison Jaeger zu Munneréf, zum Deel bei der Maison Wallenborn zu Munneréf. Vun ½ 9 h un muerges goufe mir beliwwert, vun 10 h un hu mir geliwwert : mat Trakteren, Camionnetten a Privatautoen si mer duerch d'Duerf gefuer. D'Blummekommissioun hat alles gutt virbereet. D'Sue goufen direkt akasséiert. Ëm ½ 5 h war d'Aktioun ouni gréisser Problemer ofgeschloss.

Verkaaft goufen Blummen am Wäert vu 112 735.- F. Bravo !

---

## 04.04.1985 Botzaktioun « rue Victor Hugo »

Nodeems es gëschter kräfteg gereent huet, hu mer eis Rendez-vous ginn, fir dann haut den Owend an der Victor-Hugo-Strooss ze botzen. Niewend zwee jongen Elementer (Krier Steve an Tremuth Laurent) hat sech och eng Rei Comitésmembren afond, fir déi Aarbecht ze iwwerhuelen : Jeff Schmit, Marco a René Putz, Jean-Paul Renckens, Diane Steichen, Gilbert Zepp an Tremuth Fernand.

Leider huet et awer och haut no enger Stonn Aarbecht ugefaang mat reenen. Sou ware mer dann, no enger Fläsch Béier, baussen a bannen naass. De Gros vun der Aarbecht war allerdéngs gemat. D'Gemengenaarbechter waren esou fein, « eisen » Dreck mam Gemengecamion ewegzeféieren.

---

## 24.05.1986 Blummenaktioun 1986

Em 8 Auer muerges ass deen éischte Liferant (Wallenborn vu Betebuerg) zur Plaz. Mir lueden aus a stellen, wéinst deem reenege Wieder, d'Blummen am Schoulgank änner Dag. Et dauert allerdéngs bis bal ½ 11 h, bis mer richteg

un d'Ausféiere kommen. Mat zwee Trakteren plus Unhänger an enger Camionnette fuere mer duerch d'Duerf.

Den Zambon René ass mat enger Videokamera derböi, fir alles am Bild festzehalen.

Géint 4 Auer ass den Tour esou wäit gemat.

Da ginn nach eis Blummekëschten mat Buedem gefëllt a ugeplanzt. Fir d'éischt hate mer dëst Joer och Blummeuedem an Dünger derbäi, fir de Leit ze verkafen. Verkaaft goufe ronn 3000 Blummestäck an eng Rei Tuten Blummebuedem an Dünger.

D'Wieder huet sech, wéi kënnt et och aneschetr sinn, am Laf vum Dag ëmmer méi verbessert.

Recetten : 112 940.- F.

---

## 31.10.1986 : Präissverdeelung « Villes et villages fleuris »

An der Catégorie I aus der Muselgéigend kritt d'Duerf Altwis den 3. Präiss ! Bravo !

E klenge Verdéngscht drunner hunn och ganz sécher « d'Wiisser Leit ».

## 02.05.1987 : Botzaktioun an der Grouf

Em 14 h sollt et lass goen. Éischt Pann : om alen Tipp hält den Zepp Gilbert mam klenge Camion : en huet e Platten ! 4 Mann ginn de Platten flécken : Patrick Hermes, Raguet Mich, Wies Arsène, Zepp Gilbert.

Déi aner ginn sech un d'Aarbecht : Steichen Diane, Hein Gérard, Renckens Jean-Paul, Barthels Fred, Braun Jos, Ipavec Antoine, Schmit Jeff, Tremuth Fernand. Op zwou Plazen gët den Dreck zesummegedron a –gefouert.

D'Gemeng soll gudde Buedem op déi Plaz tippen an de Fieschter huet wëlles, do Beemecher unzeplanzen.

De Brauns Jos huet eng Këscht Béier offréiert.

D'Gemengenaarbechter hunn den Dreck d'Woch duerno eweggefouert.

---

## 23.05.1987 : 3. Blummenaktioun

Freides (22.5.) owes vun 18.30 h bis 22.00 h hunn d'Gärtner (Wallenborn, Jaeger, Vry vun Helléng, de Wallenborn konnt eis keng wäiss Geranie liwweren) d'Blumme geliwwert. Iwwer Nuet stungen se am Schapp bei der Grott (eng ganz praktesch Léisung).

Samschdes muerges vun ½ 9 un hu mer dunn d'Ween belueden an d'Blummen ausgefouert bis ½ 1 nomëttes.

3054 Blummen hu mer geliwwert !

Nomëttes hunn dann d'Fachleit eis Blummebacën beplanzt.

---

## Mee 1987 : Komesch Bedelegung un der Blummenaktioun

Nodeems den 23. Mee eis Blummebacën ugeplanzt goufen, hu mer festgestallt, dass no an no a verschiddene Bacën an och bei Privatleit Blumme geklaut goufen. Den Déif goung ëmmer dee selwechte Wee : laanscht d'Grott de Bouleschbierg, oder laanscht den Doudekapp erop bis an de Weiherchen, an dat ëmmer nuets em 12 h - 1 h.

Fir eenzel Leit aus dem Comité besteet keen Zweifel iwwert d'Identitéit vum Déif – der Déiwin. Well e Beweis awer schwéier wäert ze erbrénge sinn a fir Kaméidi am Duerf ze verhënneren, beschränke mir eis Reaktioun drop, am Lëtzebuerger Wort e Bréif un d'Redaktioun veröffentlechen ze loossen an eng Kopie dervun an de Wiertschaften vum Duerf an am Reider auszehänken.

---

## 13. a 14. Mee 1988 : Blummenaktioun '88

Bei der Blummenaktioun '88 gouf fir d'éischt de Computer agesat, fir d'Auswertung vun de Bestellziedeln ze man a fir d'Rechnungen ze schreiwen. De Programm gouf extra fir dës Besoinën geschriwwen vum Sekretär Fernand Tremuth. Déi Saach huet eis d'Aarbecht staark erliichtert a goung ouni dee klengste Problem iwwert Bühn.

Nom Agin vun alle Bestellungen konnten verschidden Résuméën ausgedréckt ginn. Et waren dat :

- Gesamtbestellung bei de Gäertner
- Rechnung fir jidfer Bestellung
- Liwwerschäin fir eng ganz Strooss

Freides ginn d'Blumme geliwwert vun 18.00 h bis 22.00 h (mat Pausen).

Samschdes vun 8.30 h unn goufen se dann an d'Haiser geliwwert mat 2 Camionnetten an engem Unhänger.

60 Bestellziedelen mat engem Total vun 3200 Blummen waren eragaang.

Tëschenduerch huet Berscheids Jang eis Wirschtecher a Bréidecher (Iwwerreschter nach ëmmer vum 1. Mee) servéiert.

Vu 14.00 h goufen dann eis Blummebacën (+ 6 neier) beplanzt.

Gedrénks krute mer servéiert vu Schuster Colette a Braun Liliane. D'Tremuths Nettchen huet Ham mat Baguette offréiert.

25% Reduktioun konnte mer eise Membren zougeston (±28.000.- Frang). Déi 6 nei Blummebacën hunn ±15.000.- Frang kascht. Sou huet d'Blummenaktioun eis dëst Joer (mat eise Blummen) ongeféier 45.000.- Frang kascht.

---

## 29.10.1988 : Krokusse planzen

Op Initiativ a mat finanzieller Ënnerstëtzung vun de « Wiisser Leit » haten d'Schoulkanner aus dem éischte Schouljoer et iwwerholl, fir mat hirer Joffer Tremuth Annette beim Victor-Hugo-Steen op der Gare Krokussen an de Wues ze setzen.

---

## 30.11.1988 : Planze laanscht d'Baach

Och d''Schoulkanner aus dem sechste Schouljoer ware frou, wéi si vun eis ugeschwat goufen, fir zesumme mat de Gemengenaarbechter Gesträich laanscht d'Baach op der Gare ze planzen. Gehollef hunn d'Gemengenaarbechter Bonne Ali a Maeder Michel, Opsiicht hu gemat de Berscheid Jang an de Weicker René; als Kontroller no der Aarbecht ass de President Hein Gérard opgedaucht.

Als Ofschloss hunn d'Wiisser Leit alle Bedeelegten e Bréitchen mat Würschtchen an e Gedrénks offréiert.

Och déi Kleng aus dem éischte Schouljoer hunn duerno e Bréitchen an eng Limonad zum Beschte kritt, fir si e bësschen fir hier Méi beim Planze vun de Krokussen ze belounen.

D'Wieder war deen Dag ideal fir d'Planzen, net grad esou ideal fir d'Leit: et huet reng gesabbelt.

---

## 20.05.1989 : Blummenaktioun 1989

Bestallt hate mer : 1600 Geranien, 120 Fuchsien, 550 Petunien, 605 verschidden aner Blummen, am Ganzen also 2875 Blummen, 11,6% manner wéi 1988.

D'Liwwerunge vun de Gäertner si scho freides gemat ginn. Vu 9.00 h muerges un hu mir dann an d'Haiser geliwwert mat Trakter an Unhänger, Camionnette an Auto. Nomëttes huet dann nach eng Grupp eis Blummebacën beplanzt.

D'Blummenaktioun ass schonn esou zur Routine ginn, dass nach just heiandsdo Problemer opdauchen, déi gläich kënne geléist ginn.

------------------------------------------------

*Net grad esou zur Routine ginn ass d'Engagement vun de Leit vum Comité. Et sinn ze dax ëmmer déi selwecht, déi e groussen Deel vun der Aarbecht maache mussen, an et sinn och dax déi selwecht, déi ëmmer probéieren, laanscht d'Aarbecht an den Engagement ze kommen. (Dës Remarque ass net op déi dësjähreg Blummenaktioun ze bezéihen, do huet et zimlech gutt geklappt). Esou eng Astellung ass net onbedéngt derzou ugedon, fir e gudde Geescht an Zefriddenheet am Veräin ze förderen.*

---

## 13.10.1989 : Krokussen

Wéi schon d'lescht Joer haten déi Kleng aus der Primärschoul vu Wis sech ugebueden, Krokussen ze setzen, dëst Joer an der Wiss niewent dem Haus Kleman-Thommes an der Kaz.

---